piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

D'Qualitéit vun eiser Ëmwelt huet sech an de leschte Joerzéngte verschlechtert. Op ville Plaze sinn eis Gewässer an eis Biedem mat ville Produkter belaascht, déi aus de wirtschaftlechen a sozialen Aktivitéite vum Mënsch entstinn, wéi zum Beispill dem Glyphosat, wat ech a menger vireger Fro n°2919 thematiséiert hat. De Minister hat hei geäntwert, dass d'Analyse fir d'Uewerflächewaasser fir 2025 nach amgaange sinn an dass fir Lëtzebuerg keng eegen Etude zu deem Thema gemaach, mee Donnéeë, d'Resultater an d'Schlussfollgerungen aus anere Länner och fir Lëtzebuerg ugeholl ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn eis Gewässer op Kieselalgen (Diatomeen) gepréift a wéi eng Zesummenhäng ginn et hei am Land mat de Glyphosatwäerter?
2. Wéi variéieren d'Wäerter vun den Kieselalgen iwwert d'Joer (Rapport Summer/Wanter) souwéi op pro Mount?
   Wéi sinn den Duerchschnëttswäert, de Median an d'Standardofweichung?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés